Den néien TOTEM

NUMMER 2/1998

Les Aigles
Fédération nationale des éclaireurs et éclaireuses du Luxembourg

Den Totem
Périodique du groupe
Les Aigles Rollingergrund
Rédaction+Impression:
Georges Krombach
131, rue des Aubépines
L-1145 Luxembourg
Oplo:
ronn 250 Stéck
erschéngt minimum:
4/Joër

SPEZIAL KABA

Den 30.Abrëll as ët erem esou wäit!
D'Explorer weisen sëch erëm!
Kommt mat dër ganzer Famill kucken wann ët heescht:
"A wann et päift

HALLI HALLO!

DËS KÉIER HANDELT DEN TOTEM GRÉISSTENDEEL ËM E MEGA-EVENT, DAT DEN AIGLES EREM AN D'HAUS STEET!

EFFEKTIV PROBÉIREN D'EXPLORER SËCH ERËM AM KABARET!

DEN 30.ABRËLL HUN SIE DEN THEATERSALL AN DËR AALER SCHOUL GECHARTERT, AN HU WËLLES DO DÉCK D'SHOW OFZEZÉIEN!

ËT WIER FLOTT WANN DËR ALL GÉINGT KOMMEN, WËLL...NAJA...DIR WËSST SCHON!

ENG NÉIEGKEET AS DÉI, DAT EEN ELO OCH VIRUM STÉCK OP DER PLAATZ MAT VILL GENOSS ËPPES IESSEN KANN! LOSST IECH DAAT NËT ZWEEMOL SOËN, A MËLLT IECH AN ÄR GANZ FAMILL, BOOMEN, BOOPEN, SCHWÉIERELTEREN, TATA'EN AUS IWWERSÉI, VERSTUERWE MONNIEN, URTATA'EN, HËNN, KATZEN, DINOSAURIER, MEN IN BLACK'EN AN DE GANZE RËSCHT UN,

FIR Ë FLOTTEN OWEND MAT A BEI DEN AIGLES ZE VERBRÉNGEN!

ET DEET IECH GUDD AN EIS, ALSO,...FIRWAAT NËT?

INTERVIEW MAM AUTEUR GORGES KROMBACH:

Totem:Georges, wéi geet ët?
Geo: Fir Iech nach emmer Herr Monsieur Master Monseigneur Krombach...oder awer einfach ...Geo!
Totem: Hein?
Geo: loost ët sin...waat wëüt dër?
Totem: Em waat geet ët am Stéck?
Geo: Schwéier ze soen...ëch hun ët nach nët geschriwwen!
Totem: Den kabaret as jo awer den ï.Mee, oder?
Geo: Jo, ëch ménge ganz!
Totem: Eh bien, dann sollt jo...
Geo: Jo, waat solt dann? Hein? Hein? Wëll dër mëch gäre provozéiren?
Totem: Nee, natiiriëch nët, mä...
Geo: Mä waat! Dier sicht mëch, geü? Lo hun ëch ëch 's schon deck genuch!
Totem: Solle mër goen?
Geo: Ma neen! Dat war alles e Witz! Dir hudd am Fong elo e bessen vum Stéck matgespiüt! Et geet em d'Letzebuerger an hier domm Gewunnechten...wéi zum Beispill domm ze äntwerten a séier rosen ze gin...sou als beleidigte leberwurst...! Totem: Ajoo! Geo: ganz genau! Totem: An dann?
Geo: Ann dann kucke mër eis nach déi tangentiell (moïen Lucien) Unnäherungsversich vun der potothesëscher Inflatiounsstruktur aus der westjordanëscher Grondiwwerliewensbasis vun der kratzothétherscher Bevölkerung un! Totem: gelifft?
Geo: Eng Dia-show vu mëngem Boop, wéi en zu Rimini an dër Vakanz war! Totem: gelifft?
Geo: ...se dauert nëmmen drai Stonnen! Also, ëppes fir d'Stéivermögen vun de Spectateuren

ze testen! (Dat war elo e Witz!) Nee. ët gët tëschteg...kommt all kucken an d'aal Scout am Rolléngergronn!
Totem: Maache mër! Merci!

Menu du 30 avril 1998 au restaurant "Le comité gastronomique" au Roüingergrund:



A/lenu+entrée Kabaret à 350 francs/personne

Kabaret à env. 20.00 heures

pour les sujets qui désirent voir uniquement le cabaret, le prix est de 150 francs, et de 100 francs avec foulard scout!

Auschneiden, an eng Enveloppe klaaken an illico bis den 28 Abrëll aschécken! **Merci!**

TALON-REPONSE

Jo, ëch,
den _____
mellen ___ Persounen fir den 30 Abrëll un! Mir loossen eis ët gudd schmaachen a verspriechen beim Kabaret nët ze gaapsen!

Ënnerschrëft:

Datum:

Den néien **TOTEM** 2/1998



s

Auschneiden a schécken un:
Georges Krombach
131, rue des Aubépines L-1145
Luxembourg

SAIT2

Et wier flott lech all ze gesinn
den 3O.Abrëll,
a fîr zesummen e f lotten Owend
bei engem gudde Patt an engem
gudde Steck ze verbréngen
(dueble Senn!)!

aanert Thema:
Den 17**.Mee** as déi traditionell **Scoutskiermes** am Rollëngergronn. Des Kéier nei am Programm:
Mueres en **GIGA-Rally** duerch de geheimnisvollen Rolléngergronn, fir grouss a klëng!
Mettes an wéi ëmmer Knuppestëmmung, Bommenanimatioun, mat Sprangschlass an aaneren Scoutsspiller fir d'ganz Famill! Fir lessen a Gedrënks as natiirlëch *gudd* gesuergt! Schréift lech dësen Datum elo schon an ären Agenda an!

Den 17. Mee as der Däiwel lass an der aaler Schout! Sidd mat dobai!

Luxembourg-1
Port payé
PS/378

SAIT3